N 2761 2761
Entrée le 08.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.08.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 529/25
08 AOUT 2025
A traiter par :
Copie à :

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 8. August 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„Rezent ass vun der lëtzebuergescher Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) gemellt ginn, dat eng Dauf am Raum Mutfert mat der sougenannter Newcastle-Krankheet infizéiert wier. Weider ass an der Kommunikatioun vun der ALVA ze liesen, dat Betriber a Privatpersounen déi Vullen halen, den direkten an indirekte Kontakt mat wëlle Vulle solle vermeiden.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau follgend Froe stellen:

- Schätzt d'Madamm Ministesch dëse Fall als Eenzelfall an, oder ass dës Krankheet bei den Dauwen zu Lëtzebuerg scho méi verbreet?
- Am Fall, dat sech elo weider Fäll géife bestätegen, wéi eng Mesurë gedenkt d'Madamm Ministesch ze huele fir eng méiglech Verbreedung anzedämmen ?
- Wei vill Impfdose kënnen direkt mobiliséiert gi falls d'Krankheet sech elo weider géif verbreeden? "

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2761 vum 8. August 2025 vum éierewäerten Deputéierten Gusty Graas**

1. **Schätzt d'Madamm Ministesch dëse Fall als Eenzelfall an, oder ass dës Krankheet bei den Dauwen zu Lëtzebuerg scho méi verbreet?**

Am Zäitraum vum 1. Juli 2025 bis haut goufen am Ganzen dréi Fäll vun aviairem Paramyxovirus (Newcastle-Krankheet) bei Wëlldauwen zu Lëtzebuerg festgestallt. Dëst léisst drop schléissen, datt et sech aktuell net ëm eng massiv Verbreedung handelt.

2. **Am Fall, dat sech elo weider Fäll géife bestätegen, wéi eng Mesurë gedenkt d'Madamm Ministesch ze huele fir eng méiglech Verbreedung anzedämmen ?**

D'Mesurë bestinn doraus, eng eventuell Iwwerdroung vun der Newcastle-Krankheet op d'Hausgefligel oder d'Dauwenhaltungen ze verhënneren/vermeiden. Dës bestinn aus de Preventiounsmoossnamen, d.h strikt d'Anhale vun der Biosécherheet fir all direkten an indirekte Kontakt vun den Dauwe mat dem Hausgefligel ze vermeiden. Konkret Recommandatioune si beispillsweis, datt Fudder- a Waasserplaze sollen ausschliisslech bannen an de Ställ zur Verfügung gestallt ginn, an den Auslaf vum Gefligel soll duerch Netzer geschützt ginn. Ee wichtegt Element ass d'Impfe vun den Dauwen a vum Gefligel - souwuel aus Hobby-, privater , oder professioneller Haltung.

Am Fall vun engem positive Nowäis an engem Gefligelbetrib gëllen d'Bestëmmunge vun der Déieregesondheetsgesetzgebung, wéi d'Keulung vum Bestand, d'Ariichtung vun enger Spärzon (3 km) a Schutzzone (10km) ronderëm de positive Betrib mat der Ëmsetzung vun de Restriktiounsmoossnamen.

3. **Wei vill Impfdose kënnen direkt mobiliséiert gi falls d'Krankheet sech elo weider géif verbreeden?**

Den Impfstoff ass frei zougänglech um Marché an ass permanent disponibel.

Lëtzebuerg, den 29. August 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau